LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires étrangères
et européennes, de la Défense, de la
Coopération et du Commerce extérieur

Direction de la défense

**Äntwert vun der Verdeedegungsministesch op d'parlamentaresch Fro n° 1268 vum 1. Oktober 2024 vum Här Deputéierten Sven Clement.**

Den illegale russeschen Aggressiounskrich géint d'Ukrain weist op tragesch Aart a Weis, wéi wichteg eng gutt Loftofwier ass. Dofir gouf, ënnert der Leedung vun Däitschland, eng europäesch Initiativ lancéiert fir gemeinsam den europäesche Loftraum ze schützen. Un dëser Initiativ huelen europäesch Staaten deel, déi schonn esou Loftofwiersystemer hunn. Well Lëtzebuerg awer ni esou Systemer an der Defense hat, ware mir an enger éischter Phas net direkt ee potentiellt Zilland fir un dëser Initiativ deelzehuelen.

Mir sinn ons och zu Lëtzebuerg bewosst, wéi wichteg Loftofwier ass. Dofir wäerte mir an Zukunft an esou Systemer investéieren. Schonn am Kader vum Ausschaffe vun den neie Lignes directrices vun der Defense vun 2023 goufen entspriechend Iwwerleeunge gefouert. De Plang fir eisen *Effort de défense* op 2% vum RNB bis 2030 ze erhéijen, dee vun der Regierung 2024 ugeholl an um NATO Sommet zu Washington presentéiert gouf, huet de Projet vun der integréierter Loftverdeedegung a Rakéitenofwier fir d'Lëtzebuerger Defense festgehalen.

Nieft der *European Sky Shield Initiative* (ESSI), déi virun allem op amerikaneschen an däitsche Systemer baséiert, ginn et och franséisch Ofwiersystemer, déi ganz performant sinn. Dës Systemer wäerten dann och an eng gesamt Loftofwier integréiert ginn ouni an der ESSI dobäi ze sinn.

Well d'Lëtzebuerger Defense nach keng Expertis a Kenntnisser an dësem extrem komplexen Domän huet, si mir am Moment mat eventuelle Partner am Kontakt, fir eng Kooperatioun am dem Beräich anzegoen. A Funktioun vum Partner, fir dee mir eis schlussendlech entscheeden, wäerte mir dann decidéieren, ob eng Participatioun un der ESSI fir eis vu Virdeel ass.

Lëtzebuerg, den 16. Oktober 2024.

D' Verdeedegungsministesch

(s.) Yuriko Backes